mySchool!

01
Januar 2012

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale
et de la Formation professionnelle

Grondschoul NEWS



Fir unzefänke wënscht d'Equipe vu mySchool! Iech alles Gutts fir 2012: eng zolitt Gesondheet, déi néideg Energie an trotz Reformstress vill Freed an Ärer deeglecher Aarbecht an der Schoul.

D'Grondschoulportal vu mySchool! kann Iech eng praktesch a konkret Hëllef am Schoulalldag sinn. Eist Portal evoluéiert permanent a vill Ressource sinn an deene läschte Méint bäikomm. Duerfir hei ee kuerzen Iwwerbléck, wat Dir de Moment alles am Grondschoulportal vu mySchool! fannt:

Login

Fir d'éischt musst Dir Iech op www.myschool.lu aloggen. Dir maacht dat mat deem selwechte Benotzernumm a Passwuert dat Dir huelt fir Iech op Scolaria (http://scolaria.men.lu) anzeloggen.



Hutt Dir Äert Passwuert vergiess? Frot Iech een neien Aktivatiounscode op http://iam.education.lu (Rubrik *'Mot de passe oublié'*) un. Dir kritt deen 2 Schaffdeeg duerno mat der Post heemgeschéckt a kënnt Iech domatt een neit Passwuert definéieren.

Tipp: Déi meescht Browser kënnt Dir esou astellen, datt se Äre Login an d'Passwuert verhalen, esou datt Dir se net all Kéier musst nei antippen. (Tools > Options > Security)

Nom Login kritt Dir dëse Menu ugewisen, hannert deem sech all d'Ressource vu mySchool! verstoppen.

Ënnert **'Mes communautés'** fannt Dir een direkte Link op aner Communautéiten, an deenen Dir eventuell Member sidd, z.B. Äre Schoulsite, d'Bibliothéiksverwaltung,..



Startsäit

Op der éischter Säit fannt Dir ënnert anerem aktuell Ukënnegungen, een Interface fir Är @education.lu Adress ze consultéieren an direkt Linken op déi wichtegst Säite vu mySchool!

Startsäit | Ressourcen | Didaktik | Projeten | Evaluatioun | Administratives | Medien | Tools | Méi ...

- Iwwersiicht
- Accueil primo-arrivants
- Lexika
- MILA
- Zahlenbuch
- Klett
- Edumedia
- Cornelsen
- Schroedel
- EduShare
- Grundschulmaterial.de
- Gyana-Wëssenstester
- Billerdatebank
- Audiodatebank
- Répertoire mySchool!

Ressourcen



Accueil primo-arrivants

Dokumenter an Informatioune fir Enseignanten, déi mat *'primo-arrivants'* schaffen. Accès op den interne Beräich kënnt Dir Iech beim Service 'Scolarisation des enfants étrangers' um MEN bei der Mme Eliane Kettels (Tel. 247 85 207, Email eliane.kettels@men.lu) ufroen.

Lexika

gratis Accès op Dictionnairen a Lexika vun Duden, Brockhaus a Langenscheidt, Wissenschaft-online (D), Kiosque numérique de l'éducation, petit/grand Robert, Robert Junior, Encyclopaedia Universalis (F), Encylopaedia Britannica (GB).

Mila

Am Mila-Beräich fannt Dir elo d'PDF-Versioun vun de Liesbicher (*MILA 1 - mein erstes Lesebuch, MILA 2 - mein Lesebuch)* an och d'Aarbechtshefter fir d'Enheeten 1 bis 10. Donieft d'Bildvignetten, Texter vun den Hörszenen, Lidder an aner Toundokumenter als MP3.

Zahlenbuch

Op der Zahlenbuch-Säit stinn d'PDF-Versioune vun den Zahlenbicher, Lehrerbänn, Arbechtshefter an eng Hellewull praktescht Material wat engagéiert ZB-Formateuren zur Verfügung gestallt hunn.

Klett/Cornelsen/Schroedel

3 däitsch Verleeg, bei deenen Dir - wann Dir iwwer mySchool! op hir Säit gitt - gratis Aarbechtsblieder zu aktuellen Themen kënnt eroflueden.

eduMedia

Interaktiv Simulatiounen aus dem naturwëssenschaftleche Beräich am Flash-Format. Dir kënnt d'Animatiounen eroflueden, an der Klass um Beamer weisen oder an Ären eegene Webfolio integréieren.

Grundschulmaterial.de

Praktescht Material fir d'Cyclen 1-3 aus de Fächer Mathematik, Däitsch a Sciences.

Biller/Audiodatebank

Biller: Adjektiver, Verben, Nomen, Piktogrammer, Schreifuläss a Billergeschichten, sortéiert no verschidden Themen, mat Sichfunktioun.
Audio: Toundokumenter aus den offizielle Schoulbicher vum MEN, Soundeffekter, franséisch Vokabelen, Diktattexter.

Didaktik

Plan d'études, Methodesammlung, Formatioun, Artikelen, Dossier 'Léiere léieren', Linklëscht.

Projeten

partenariats électroniques entre écoles en Europe
eTwinning

Iddië fir Projeten, Schoulausfluchsziler am In- an Ausland, Austausch, Comenius & eTwinning.



Evaluatioun

Bilans

D'*Bilans de fin de cycle* fir de Cycle 1 bis 4 an de verschidde Sproochen an an enger editéierbarer PDF-Versioun. D'Règlements grand-ducaux iwwert d'Evaluatioun, den neie Plan d'études an d'Niveaux de compétences.

Foire aux questions

Eng Rei Froe zum neie Bilan mat den dozougehéieregen Äntwerten.

Är Froen an Ureegungen

Déi Responsabel vum MEN probéieren, esou gutt et geet, op Är hei gestallte Froen zum Thema Evaluatioun a Bilans ze äntwerten.

Épreuves standardisées

Hei fannt Dir d'Texter an och d'Toundokumenter vun den *Épreuves standardisées* am Cycle 4 ab dem Schouljoer 2007-2008.

Administratives

Formulairen, Guides d'utilisateur, Gesetzer a Reglementer, Communiqués vum MEN, nëtzlech Adressen.



Medien

Iwwersiicht

'Musik 1 - das Klangmännchen' an 'Musik 2 - Bewegen' als Online-Versioun. Zesummestellung vun nëtzleche Programmer an Texter iwwert den Asaz vun 'neie Medien' an der Schoul.

Schoulbibliothéik

Lëschte mat flotte Bicher inklusiv fäerdege Bestelllëschte fir all Cycle als Inspiratioun wann Dir als Bibliothéiksresponsabel nei Uschafunge plangt. Iddië fir d'Animatioun vun der Schoul-bibliothéik.

Software-Datebank

Zesummestellung vu Software, déi an der Schoul kann agesat ginn.

Tools

Meng Mediegalerien

Eege Mediegalerien mat Fotoen, Toun oder Video uleeën, verwalten a veröffentlechen.

Meng Webfolios

Eege kleng Websäiten erstellen a verwalten.

Meng Formularen

Selwer Online-Formulairen uleeën a verwalten fir z.B. Ëmfroen, Reservatiounen, Umeldungen,...

Meng Gyana-Tester

Online Tester (Choix multiple, Lückentext, Vrai-Faux, Drag&Drop, Classement,...) uleeën, verwalten a publizéieren.

myDisk

Zougréff op eng securiséiert Online-Späicherplaz mat perséinlechem Beräich a Schoulberäich.

Méi...

mySchoolnet

mySchool! bitt Iech d'Méiglechkeet eng Internetpräsenz fir Är Schoul anzeriichten mat internem Beräich fir d'Enseignanten aus der Schoul. Einfach Integratioun vun Text, Bild, Toun, Video an Animatioun.

myLibrary

myLibrary ass d'Bibliothéiksverwaltungssoftware vu mySchool! Dir kënnt domatt de Stock an den Emprunt vun Ärer Schoulbibliothéik verwalten. D'Applikatioun ass séier ageriicht, d'Kannerlëschte ginn aus dem Scolaria syncroniséiert.

Kidsportal

D'Kidsportal ass geduecht fir d'Schüler aus dem Fondamental. Si fannen do Noriichte fir Kanner, Spiller, Links, Übungen, ee Vokabeltrainer, eng Billergalerie,...

Op Ufro schécke mir per Email **Aktivatiounscoden** un den Titulaire vun der Klass oder den Informatiksresponsabel vun der Schoul. Mat dëse Code kënnen d'Schüler een Accès op d'Kidsportal vu mySchool! gemeet kréien. Et ass net méi néideg, een Excel-Fichier mat den Donnéeë vun de Kanner eranzeginn, well déi néideg Informatioune vu Scolaria iwwerholl ginn.

Als Enseignant kënnt Dir Äre Schüler am Kidsportal Är eege Gyana-Tester zur Verfügung stellen. Dir kënnt si och Auteur op enger Säit vun Ärem Schoulwebfolio maachen oder hinnen Accès op een interne Beräich um Schoulsite ginn.

Agenda

Mini-Entreprise

De Projet 'Mini-Entreprise' ass eng flott Initiativ, fir bei de Jonken tëscht 15 an 18 Joer den Entrepreneursgeescht ze stimuléieren. Equipeweis grënnen d'Schüler hir 'Entreprise', mat där si am Laf vum Schouljoer ee Produit oder Service plangen, entwéckelen a vermaarkten. Si këmmere sech souwäit méiglech em alles selwer: de Businessplang, de Budget, d'PR a virun allem den Developpement vun hirem Produit.

D'Anne-Marie, d'Caroline, d'Lynn, d'Marthy, d'Sammy an d'Valérie si Schüler op enger Onzième an der Ettelbrécker Ackerbauschoul. Hire Mini-Entreprise-Projet besteet dorann, **ee Kannerbuch zum Thema Landwirtschaft fir Kanner vun 8 bis 12 Joer** erauszeginn.
Well dëst Buch duerno och an der Schoul soll agesat kënne ginn, hu si eng kleng **Ëmfro fir d'Enseignanten aus dem Fondamental** (déi an engem Cycle 3 oder 4 intervenéieren) preparéiert, fir gewuer ze ginn, op wat si sech an hirem Buch haptsächlech sollte konzentréieren.

Et wier flott, wann Dir si géift ënnerstëtzen, andeems Dir Iech 2-3 Minutten Zäit huelt, fir hire Questionnaire auszefëllen an hinne sou Ären Avis bis de 25. Januar 2012 zoukommen ze loossen.

Dir fannt de Questionnaire ënnert: **http://forms.myschool.lu/?FormId=481**



KIBUM 2012

D'Wanderausstellung vun der 37. "Oldenburger Kinder- und Jugendbuchmesse" ass vum 26. Januar bis den 3. Februar 2012 zu Miersch am Centre National de Littérature ze gesinn. Während de Schouldeeg sinn um 10h00 och erëm Liesunge fir Schoulklassen. Pro Liesung ginn 3 Klassen ugeholl, umelde kann ee sech op info@cnl.public.lu .

Programm a méi Info op www.cnl.public.lu

Top 5 - d'Kannerjury 2011-2012

Et geet wéi gewinnt dodrëms, datt d'Kanner aus dem Cycle 3.2. aus 14 proposéierte Bicher hiert Lieblingsbuch auswielen an eng Aarbecht zu dësem Buch maachen (Molen, Bastelen, Film dréinen, Kommentar schreiwen,...) Umeldung bis den 10. Februar 2012.

Bicherlëscht a méi Info op www.freed-um-liesen.lu/

Concours Genial 2012

Ënner dem Slogan „Lief deng Iddi – Verbesser deng Welt!“ ginn och dëst Joer erëm nei, kreativ, innovativ & GENIAL Iddie gesicht déi eisen Alldag verbesseren, vereinfachen oder verschéinere sollen.
De Concours riicht sech u Kanner & Jugendlecher vu 5 bis 20 Joer. D'Iddie kennen eleng oder an der Grupp gesicht an ëmgesat ginn a ginn a verschiddenen Altersklasse bewäert.

Délai: 30. Abrëll 2012. Méi Info op www.genial.lu oder beim carole.nuss@luxinnovation.lu, Tel. 43 62 63 1

Filmfestival Discovery Zone

Discovery Zone ass deen neie Filmfestival vun der Stad Lëtzebuerg. Vum 28. Abrëll bis de 5. Mee 2012 ginn déi Jonk invitéiert, d'Welt vum Kino duerch eng originell Programmatioun z'entdecken.

Discover 6/12: Filmprogramm fir ee jonkt Publikum ab 6 Joer. Am Utopia deelweis speziell Schoulvirstellungen.

Ab Februar 2012 all Info op http://www.discoveryzone.lu

Un gâteau pour la recherche

Télévie Lëtzebuerg lancéiert d'Aktioun 'un gâteau pour la Recherche' vum 1. Dezember 2011 bis de 15. Februar 2012. Et geet drëms d'Recherche an de Krankheete wéi Leukämie z'ënnerstëtzen, andeems Dir an der Schoul de Verkaf vu Kuch organiséiert.

Méi Info op www.televie.lu

Maach Mat(h)

Mathematik-Concours fir Klassen aus de Cyclen 3 a 4. De Mathe-Rally besteet aus enger fakultativer Test-Epreuve, enger éischter Epreuve Februar-März, enger zweeter am Mee an enger eventueller Epreuve finale Enn Juni. D'Aufgabe si sou gestallt, datt d'Schüler am Grupp mussen zesummeschaffen, fir zum Schluss zu engem gemeinsame Resultat ze kommen.

Méi Info & Online-Umeldung bis de 17. Januar 2012 op http://maachmath.web.myschool.lu/

Kontakt

Resp. fir de Fondamental

Gilles Develter
Email: fondamental@myschool.lu
Tel. 247 85 983 (Do & Fr)

Helpdesk

Carlos Da Silva
Email: myschool.helpdesk@cte.lu
Tel. 247 85992

Project Manager

Claude Weber
Email: contact@myschool.lu
Tel. 247 85982